

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13024LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidisték:	4 Akte
Bünebiller:	1 – Büro vum Paschtouer
Spilldauer:	+/- 110 Min.
Rollen:	7
Fraen:	3
Männer:	4
Rollensatz:	8 Hefte
Preis Rollensatz	135,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13024LU

Dat verschwonnend Parbuch

(Kaméidisték an 4 Akten)

vum

Reiner Schrade

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt :

Zu Petitechapelle reent et duerch deen ale morschen Kierchendaach an et feelt u Geld fir den Daach ze flécken. Gott sei Dank kann de Paschtouer d'Gemengenhaas fir d'Masse benotzen, sou wéi et am uralen Parbuch geregelt ass. Mee kee weess Firwat a wéi laang wëll dat steet an engem anere Buch, an dat ass schonn zënter éiweg verschwonnen. D'Buergermeeschtesch huet versprach, falls et erëm gewielt gëtt, aus dem ale Gemengenhaas e Veräinshaus ze maachen. Dëst mobiliséiert och aner Leit, déi gären dat Gemengenhaas fir aner Zwecker notze wëllen. De Paschtouer schéint ouni Chancen do ze stoen. Wéi dunn een aus Amerika an d'Duerf kënnt fänkt de ganze Chaos eréischt richteg un. Wat wëll dee Friemen hei a Firwat kandidéiert deen elo gären fir de Buergermeeschterposten? Kann de Paschtouer weiderhin an der aler Gemeng d'Massen halen a gëtt den Daach vun der Kierch gefléckt? Gëtt jee erausfonnt wat an dem verluerenen Parbuch steet? Kann di éiergäizeg Buergermeeschtesch weider regéieren? Dës an nach aner vill Froen ginn an dësem spannenden a verwurreltem Theaterstück opgekläert.

Bünebild:

Dat ganz Stéck spillt am Büro vum Paschtouer. E Schreifdësch an e Regal mat eenzel Parbicher. E klengen Dësch mat 3 Still, ob mannst 2 Dieren an eng Fënster, e Kräiz un der Mauer a verschidde sakral Géigestänn op der Bün verdeelt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen:

Persounen	Beschreibung
Christophe Pécheur	Paschtouer dee ganz bescheiden ass, an ënnert der Kachkonscht vu senger Haushälterin leid.
Hanna Sacret	Haushälterin vum Paschtouer, verwinnt deen, terroriséiert awer hire Mann Jang. Ass frou mat Kachsendungen op der Télé, kacht awer esou, dass keen et iesse kann.
Jang Sacret	De Koschter vu Petitechapelle, dee Frae net versteet. E richtege Schwächling, deen awer senger Fra, mat spatzer Zong a mat zweedäitege Bemierkungen äntwert.
Rosa Culotte	Künstlerin, opgedréint a flippeg. Schwärmt fir d'Konscht a gesäit Konscht an all Kitsch. Hat wëll am Duerf e Konschtzenter opmaachen.
Adelgundis Araison	Zenter Joeren Buergermeeschtesch, wëll Angie genannt ginn. Behëlt sech wéi eng richtig Politikerin. Wëll fir hire Streck- an Häkelveräin "Maschenladys" en Openthaltsraum. Huet oft den Handy am Grapp.
J. W. Hastert	Kënnt aus Amerika, ass Cowboy an op der Sich no senge Virfahren. En huet Geld an eng grouss Farm. Schwätzt mat engem lichten awer verständlechen Akzent. Den I (ich) schwätzt en englech ai.
President(in) vun de Walbüroen	(Miniroll mat 4 Asätz am 4ten Akt. Ideal fir een/eent dee/dat gären emol eng Kéier Theater spille wëll)

Akt 1

De Paschtouer sëtzt um Schreifdësch a mécht an der Kierchenzeitung "der göttliche Bote" d'Kreuzworträstel.

Szeen 1 Paschtouer

Paschtouer: 6 Buschtawen waagerecht, "Die biblichen Gesetze" Hmmm ..? Ha dat ass einfach G – E – B – O – T – E ... Jo dat passt. Wëll, senkrecht "Erzengel", do kënnt dann GABRIOL haä? Also ech si maer genau sécher, dass e Gabriel muss heeschen?? ... Ma natierlech!!! Waagerecht "Eines der Tiere im Stall Betlehem" Dat ass dach den "ESEL" a net den "OCHS" ... ech Kallef! Dat ass awer och haut komplizéiert dat Rätsel am Kierchemagazasin "Der Göttliche Bote". Ech mengen ech liesen fir d'éischt emol op der leschter Säit d'Rubrik "Der lustige Pfaffe", wou d'Witzer sinn. *(kuerz Paus, duerno laacht ën)* Haha *(kuerz Paus)* Ha ha., Ha ha.

Dier geet op an d'Hanna kënnt eran, voller Energie an d'Hänn mat Miel oder Deeg verschmiert.

Szeen 2 Paschtouer, Hanna

Hanna: *(souert)* Haer Paschtouer, Daer hutt geruff?

Paschtouer: Ech? Nee! Dat wéisst ech dach!

Hanna: Ech hunn et däitlech héieren. Hanna hu Daer geruff. Esouguer 2 Mol.

Paschtouer: Nee Hanna, dat hu Daer verwiesselt. Ech hunn dach just haart iwwert d'Witzer misse laachen. Ah Hanna, esou e schéine Numm wéi Daer hutt, sou géif ech och gären heeschen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Hanna: Wat?? Hanna!!! Mee Haer Paschtouer!?!?!?

Paschtouer: Ma nee, ech mengen aeren Familljennumm ... Sacret.

Hanna: Ah Jo, do hu Daer Recht. Wéi kann och e Paschtouer Christophe Pécheur heeschen, Dee Numm passt wierklech net bei e Paschtouer. Mee do derfir géif et dach eng Léisung ginn.

Paschtouer: Jo an déi waer?

Hanna: Ma ech schécken mäin Alen op d'Schëff, Daer bestuet mech an dann huel Daer mäi Numm un.

Paschtouer: Dat geet dach net.

Hanna: Oah jo? A wéi ass et dann mat Adoptioun? Dat misst dach goen.

Paschtouer: Hanna. Elo ass awer Schluss!... Mee wéi gesi Daer dann aus! (*entsat*) Hu Der éierens nees gekacht?

Hanna: Kloer dat, mee eppes ganz Besonneges. Ech hunn dat eng Kéier an enger Kachsendung vum Johann Lafer gesinn. Déi kucken ech dach esou gär.

Paschtouer: Dat ass dach net néideg. En einfachen Eintopf géif duer goen.

Hanna: Ech hunn d'Rezept extra nach verfäinert. Déi vum Fernseh loosse ëmmer dat beschte ewech. Do muss ee kreativ sinn. Freet Daer Aech schonn drop ?

Paschtouer: Ahh ... wann ech éierlech soll sinn, also weinst menger muss dat net sinn. (*wëll oflenken*) Wou ass eigentlech Aere Mann?

Hanna: Dee sollt eigentlech scho laang nees zeréck sinn. Ech hunn e just kuerz an de Buttek geschéckt. Mee déi Null kritt dat emol net fäerdeg.

Paschtouer: Sidd net esou streng mat him.

Hanna: Kënnt net a Fro. Wann een dem de kleng Fanger gëtt, mengt deen en hätt di ganz Hand.

D'Dier geet op an era kënnt e Jang mat Schiertech eventuell engem Kappduch an engem Päckchen Gummishändschen.

Szeen 3 **Jang, Hanna, Paschtouer**

Jang: Sou, ech wier nees zeréck, meng léiw Cactuspick.

Hanna: Géff elo net frech du Näischnotz Firwat huet dat esou laang gedauert?

Jang: Se hu missten di bëllegst Gummishändschen eréischt an d'Lager sichen goen.

Hanna: Di bëllegst sinn deier genuch. An des Kéier pass de besser op d'Händchen op. Di lescht hu knapps en halleft Joer gehal.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jang: Jo mäi léiwen Adjudant. A wann deng Kniddelen net esou haart a spatz wéi e pickegen Drot gewiergt wieren, da wieren se net futti gaangen.

Hanna: Pah, Du hues dach guer keng Anung vum kachen. Ech muss elo an d'Kichen an dem Haer Paschtouer eppes fir z'iesse kachen. A wëll Daer mäin lesse net gefällt, kanns Du Daer eng Béchs Ravioli opmaachen. *(geet eraus)*

Jang: Sou Haer Paschtouer, a mat wat soll et dann haut versichen Aech ze vergëften?

Paschtouer: Jang, sidd net esou onfair, hat versicht jo just säi Bescht.

Jang: Eben Haer Paschtouer, an iergendwann bleift Aech di ongenéissbar Kachkonscht am Hals stiechen. Also passt gudd op.

Paschtouer: Solle maer net tauschen? Daer kritt mäin lessen an ech kréien aer Ravioli.

Jang: Nee Haer Paschtouer. Jiddereen muss säi Pack selwer droen. Ech d'Launen vum Hanna an Daer hiert lessen. Béides zesummen wier fir jiddereen vun eis ze vill.

Paschtouer: Nu je, maer zitt sech all Kéiers de Mo zesummen wann ech un seng Verfäinerungen denken. Wéi sinn eigentlech d'Wiederprognosen fir e Sonnden?

Jang: Reen... Reen.... A nach eng Kéier Reen.

Paschtouer: Oje, da wësst Daer wat ze maachen ass.

Jang: Sécher dat, d'Schëld an der Entrée vun der Kierch ophänken, dass d'Mass an der Gemeng ass an iwwerall wou et an d'Kierch reent Eemereren, Schosselen an Dëppen histellen an se eidel maache ier se iwwerlafen.

Paschtouer: A net vergiessen de Prabbeli iwwert d'Kurizifix ze hänken.

Jang: Alles kloer, just Schued, dass kee Geld do ass fir dat alt Kierchen-Daach ze flécken.

Paschtouer: Jo,jo, eis Buergermeeschtech sëtzt um Geld, Gott sei Dank hat et vergiess d'Kierch entweihen ze loossen a Gott sei Dank gëtt et nach di Décisioun am ale Parbuch, dass de Paschtouer dat alt Gemengenhais benotzen däerf.

Jang: Jo mee vir wat, dat weess leider keen. wëll ausgerechent dat Band wou et dra steet verschwonnen ass.

Buergermeeschtech kënnt ran an ass um Handy.

Szeen 4

Buergermeeschtech, Paschtouer, Jang

Buergermeeschtech: Ma natierlech, dat regelen ech... ech verspriechen Aech dat... direkt no de Walen... Et ass jo sécher, dass ech erëm gewielt ginn... wien da soss. Also wéi gesot ech këmmere mech dorëms... dat ass dat éischt wat ech maachen! Ech si presséiert, Äddi.

Paschtouer: Moie Madame Buergermeeschter, si Daer wéi ëmmer nees am Stress. Daer musst méi lues maachen. Soss krit Daer vu maer éischer den hellegen Ueleg wéi Daer mengt.

Buergermeeschtech: Ah, Papperlapagg, fir den Ueleg hunn ech keng Zäit. Ech hunn elo och eppes méi Wichteges mat Aech ze schwätzen *(bemierkt de Jang)* An eise Koschter ass

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

och hei. Gëtt et da näischt ze dinn? Kuckt, dass e bësse Geld an d'Gemengekees kënnt. Daer sidd dach och Pechert, schreift e puer Protokoller. (*Handy schëlt*) Buergermeeschtech Araison.... Jo ech hunn Aech et dach gesot, dat éischt wat ech maachen, mee elo kann ech net ech sinn an engem wichtege Gespréich.

Jang: (*zum Paschtouer*) Déi gëtt nach verréckt. (*zu der Buergermeeschtech*) an zwar mat deem wat et ëmmer als éischten maache wëll. Këmmert Aech léiwer dorëms, dass de Kierchendaach endlech gefléckt gëtt (*wëll goen*)

Buergermeeschtech: Dat wëll ech ech elo grad regelen. ... Halt, wou wëll der hin. Heibliwwen.

Jang: (*salutéiert*) Ei, ei! De Koschter Hailig waart op seng Uerderen. (*zum Paschtouer*) Wat hunn ech falsch gemaach, dass d'Fraleit mech all kommandéieren.

Buergermeeschtech: Daer kritt hei vu maer den offiziellen Uerder sech em de Kierchendaach ze këmmere.

Jang: (*entsat*) Ech? Jo wéi soll dat da goen? Ech sinn de Koschter a keen Daachdecker.

Buergermeeschtech: Daer klammt einfach duerch di kleng Späicherlicht an der Sakristei op de Späicher. An do kuckt Daer wat lass ass. Villäicht ass et just eng Klenggeheet an et kann een de Problem mat e bessen Panzertape behiewen.

Paschtouer: Jo mee dat geet dach net, do war schonn zënter Jorzéngten kee méi.

Buergermeeschtech: Papperlapapp, natierlech geet dat. Also lass, soss sichen ech no engem neie Koschter. An denkt duerno nach un d'Protocoller. Ob mannst 10 hätt ech gären.

Jang: (*gëtt et op*) Mat maer kann een et jo maachen (*of*)

Szeen 5 **Buergermeeschtech, Paschtouer**

Buergermeeschtech: Sou, an elo zu eis 2. Maer hunn eppes Wichteges ze schwätzen.

Paschtouer: Ouh? Ech wéisst net wat. A kommt elo net mat der Idee, dass ech während der Priedegt, Reklamm fir Aech maache soll.

Buergermeeschtech: Papperlapapp, ech brauch keng Reklamm. Wien soll scho géint mech kandidéieren. Do soll emol ee sech trauen. Nee ech kommen wéinst deem zur Verfügung stellen vun der Gemeng.

Paschtouer: Ah sou, Daer mengt dat alt Ofkommen aus dem Parregister laut deem de Paschtouer d'Gemengenhaas notzen däerf.

Buergermeeschtech: Genau, dat mengen ech. Ech hu maer alles eng Kéier rechtlech préiwe gelooss.

Paschtouer: Wat gëtt et dann do ze préiwen? Dat steet dach kloer am Paarbuch

Buergermeeschtech: Papperlapapp. Vergiesst net de leschte Saz an deem Band. Do steet. Dëst Ofkommen gelt esou laang bis ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paschtouer: Jo an et weess keen wéi dëse Saz weidergeet wëll dat Band duerno schonn zënter éiweg verschwonnen ass.

Buergermeeschtesch: Eben an dofir hunn ech, als mäin eegene Jurist, décidéiert dëst Ofkommen no de nächste Walen opzeléisen.

Paschtouer: Daer wëllt maer d'Gemengenhais ewech huelen. Jo a wann et reent, wou soll ech dann d'Mass halen? Et reent dach an der Kierch duerch den Daach.

Buergermeeschtesch: Papperlapapp, wann et reent kënt dach esouwéisou jiddereen mam Prabbeli. De kënnen se dann an der Kierch op loossen.

Paschtouer: (*biedelt*) Em Gottes Wëllen, dat geet dach net!!!

Buergermeeschtesch: Ma natierlech geet dat. Dat mat der Gemeng muss elo onbedengt an als éischt Prioritéit geregelt ginn.

An dësem Ament kennt Rosa Culotte eran.

Szeen 6 **Rosa C., Buergermeeschtech, Paschtouer**

Rosa C.: Gelobt sei Jesus Christus Haer Paschtouer. Ah d'Madame Buergermeeschter Aaisson ass och schonn do. Hu Daer him et scho matgedeelt di Saach mat der Gemeng?

Paschtouer: Ah, Daer wësst et och schonn. Sinn ech erëm dee leschten deen eppes gewuer gëtt?

Rosa C.: Ma dat päifen dach schonn d'Vulle vum Daach. An ausserdeem ass d'Gemeng ideal fir e Konscht a Meditatiounscenter. (*packt e Meter aus a fänkt un mat moossen*)

Paschtouer: (*wiert sech a stellt sech virun hat*) Dat muss hei alles esou bleiwen wéi et ass.

Rosa C.: Sidd elo net pingeleg Haer Paschtouer, denkt dach un all di Méiglechkeeten.

Buergermeeschtesch: Wat fir Méiglechkeeten?

Rosa C.: (*schwäermt*) Ech stellen all meng Konschtstécker hei aus. Dat geet eng Ulaafplatz fir all Konschtinteresséierten.

Paschtouer: Maer brauchen eng dresche Platz fir eis Massen a net fir zesumme gesammelte Krom.

Buergermeeschtesch: Do muss ech dem Paschtouer Pécheur Recht ginn, sicht Aech eng aner Platz fir aer soit disant Konschtwierker. Et ginn och nach aner Leit di Interessi fir d'Gemengenhais hunn. D'Maschenladys brauchen dringend e neien Veräinsraum.

Rosa C.: Lo ass kloer vu wou de Wand bléist. Daer mengt de Streck-an Heeckelclub wou Daer President sidd.

Buergermeeschtesch: Jo ech sinn d'Presidentin vum Streck-an Heeckelclub an d'Hanna ass eisen Trésorier.

Rosa C.: Jo, do hunn sech der 2 fonnt. Dat eent sammelt d'Geld an (*weist op Buergermeeschtesch*) an dat anert setzt drop a gëtt näischt hir.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 7 Hanna, Rosa C., Paschtouer, Buergermeeschtech

D'Hanna kënnt ran.

Hanna: Wat ass dat fir e Kaméidi, do kann een sech a senger Kreativitéit jo guer net konzentréieren. (*gesäit d'Buergermeeschtech*). Do ass jo meng Presidentin.

Béid begrëisse sech.

Rosa C.: Wat soll dann do Kreativitéit sinn? Etwa wéi een de Jang nach méi ënnerdréckt?

Hanna: Also Madame Cu ...

Rosa C.: (*ënnerbrécht sec*) ... halt. Traut Aech net. (bedrohlech) Daer wësst ganz genau, dass ech net mat mengem Familljennumm ugeschwat wëll ginn. Sot einfach Rosa zu maer. Dat ass och äi Kënschtlernumm.

Paschtouer: Fir de Familljennumm brauch een sech net ze schummen, Madame Rosa. Huelt emol mäin zum Beispill. E Paschtouer dee Christophe Pécheur heescht, dat ass dach scho bal eng Virbestëmmung.

Buergermeeschtech: Ha wann dat eng Virbestëmmung ass, da wëll ech net wëssen Firwat.

Hanna: Léiw Madame Rosa. Ech brauch meng Kreativitéit, fir d'Konscht vu Kachen. Gell Haer Paschtouer Daer kënnt dat bestätegen.

Paschtouer: Jo. (*zum Publikum*) ... leider.

Buergermeeschtech: A si ass och di beschten Häklerin bei eis "Maschenladys". Grad elo heekelt si un engem Jumpsuit fir hire Jang. Mat Kaputz.

Rosa C.: Oh jo, dee freet sech sécher iwwer seng nei Strampelbox. Vergiesst net vir an hannen eng Klapp dran ze maachen (*kickelt*) Falls en eng Kéier presséiert sollt sinn.

Buergermeeschtech: Wat richt dann hei esou komesch? Et kéint ee mengen et wier eppes ugebrannt.

Hanna: Oh freck, mäin lessen. (*rennt eraus*)

Szeen 8 Paschtouer, Rosa C., Buergermeeschtech

Rosa C.: Do geet et, eis Kachkünstlerin. Mee zum Gléck ass Konscht net bestänneg. An esou wéi et richt och nach schwéier ze verdauen!

Paschtouer: (*fir sech no uewe gericht*) An et wier besser et géif een et direkt an di gréng Poubelle geheien.

Rosa C.: Hu Daer eppes gesot Haer Paschtouer?

Paschtouer: Oh nee, ech hu just e kleng Wonsch no uewe geriicht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Buergermeeschtesch: Jo Haer Paschtouer, halt Aere Kontakt oprecht, et weess ee jo ni wéi dat mat eisem Gemengenhaus an Zukunft weidergeet.

Rosa C.: Wann et maer no geet, kënn Daer dat meescht dra stoe loosse. Ech maachen dann eng Abteilung sakral Konscht dran Do stelle maer dann alles dran.

Buergermeeschtesch: Zum Gléck geet et awer net no Aech. D'Decisioun huelen nach ëmmer ech mam Gemengerot. An zwar direkt no de Gemengewalen.

Rosa C.: De Gemengerot wäert ech schonn iwwerzeegen. Deen ass net esou stur wéi d'Madame Araison.

Buergermeeschtesch: Maacht dat roueg. De Gemengerot ka gären entscheeden wéi e wëll, esou laang ech dat lescht Wuert hunn.

Paschtouer: Mee meng Damen, nach ass hei de Raum vun der Kierch, an ech hunn de Kommando. A wann Daer 2 elo net direkt wësst Aech ze behuelen, da flitt Daer 2 virun d'Dier an zwar wéi 2 Engelen ouni Fillemen am engem heftegen Hosianna. *(di 2 sinn direkt roueg)*

D'Dier geet op an den J.W. Sheferle kennt eran mat Wallis, Cowboyhutt a Cowboystiwwelen.

Szeen 9

J.W., Paschtouer, Buergermeeschtesch, Rosa C.

J.W.: *(voller Freed)* Hello good old Luxemburg, here I am!! *(stellt d'Wallis of a begrüsst jiddereen eenzel mat Emaermung an de Wieder)* Hello, I am J.W. Shefele, nice to meet you. *(se sinn all erstaunt)*

Paschtouer: Daer sidd Ausländer? Ahh ... du nix vom Lëtzebuerg?

Buergermeeschtesch: *(zum Paschtouer)* Wann dat en Ausländer ass, muss Daer direkt kucken senger lass ze ginn. Maer brauchen hei kee Friemen. Ob emol wëll deen nach eppes, oder e mécht iergendeng Demande op der Gemeng. Fir esou eppes hunn ech keng Zäit. An Demanden vu Frieme ginn net einfach esou genehmegt *(zum J.W.)* Daer kennt direkt nees goen. Maer brauche keng Friem. Maer verstinn och net Aer Sproch. Du geess besser op Uewerchappelle, do kanns du deng Demande maachen. Du verstees?

Rosa C.: Daer dierft net op si lauschteren. Daer musst onbedengt heibleiwen wëll friem Kulture si gudd fir Petite chapelle.

J.W.: What sinn dat fir lëschtég Leit. I verstinn kee Wuert? *(zu allen)* Versti Dar kee Lëtzebuergesch? I sinn den J.W. Shefle from America. I sinn op der Sich no mengen lëtzebuergeschen Virfahren. Kenn Daer mech zu engem bréngen deen lëtzebuergesch schwätzt?

Buergermeeschtesch: Ah I?... vun Amercia. Majo kloer... wann dat esou ass. Häerzlech wëllkomm Haer Tscheidappelduskefele .. you vun America. I am e grouse fan from Obama "Yes we can"- Mai näm isch Adelgundis Araison. I am the Buergermeschter vun Petitchapelle. You can say Angie to me.

J.W.: Oh, Daer schwätzt awer lëtzebuergesch. Sot J.W. to me, it is eng Ogkierzung vun John William. Et ass maer eng Eier Miss Buergermeeschter Angie.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rosa C.: An ech sinn d'Rosa, dat kënschtlersch a kulturellt Haerz vu Petitechapelle. Et ass mer eng Eier ee kennen ze leieren aus engem Land wou et esouvill Kënschtler ginn. And wenn you will, you can say you to me.

J.W.: Oh nice, its is me e pleasure eng Künstlerin vun hei ze treffe. Mee what's you last name? I muss dat wëssen, because I surch my Virfahren.

Buergermeeschtesch: (*genësslech*) Ah jo, sot him et, allez lass.

Rosa C.: Nee ech wëll net.. dat ass maer esou onangenehm.

J.W.: Please, I muss dat onbedingt wëssen

Rosa C.: (*veriergert a verleeën*) Rosa (*Nonumm nuschelt*) Culotte.

J.W.: What???

Buergermeeschtesch: (*voller Genoss*) Méi däitlech. Dat Genoschels kann dach kee verstoen. Allez nach eng Kéier, soss muss ech et soen.

Paschtouer: Halt dach op. Daer wësst dach, dass et genéiert ass wéinst dem Familljennumm.

Buergermeeschtesch: Eben, a just do derwéinst wëll ech et héieren.

Rosa C.: (*haart mee trotzeg*) Rosa ... CULOTTE.

Paschtouer: Endlech, Elo ass et eraus.

Rosa C.: (*widderhëlt et nach ëmmer trotzeg*) Jo!!! Rosa Culotte heeschen ech.

J.W.: Oh, what a nice name: Rosa Culotte! Dat klengt esou melodesch, esou sexy. Dat passt wonnerbar zu enger Kënschtlerin. (*widderhëlt*) Rosa Culotte.

Rosa C.: Ouh? Jo, elo wou Daer et sot , Haer Tscheidappelyou, dat héiert sech wierklech gudd un.

J.W.: (*zum Paschtouer*) An Daer sidd sécher de Priedeger vu Petitechapelle- - Gréisst maer den Häergott.

Paschtouer: Also ech hätt scho léiwer d'Bezeechung Paschtouer. Daer sidd am Verglach zu anere Leit hei am Raum deen eenzegen deen enger Amtspersoun mam néidege Respekt begéintj.

J.W.: O yes, mäin Ur-bopa huet maer erzielt, dass de Paschtouer eng wichteg Persoun ass, an dass hien vill gemaach huet fir d'Kierch.

Buergermeeschtesch: Ah sou, vill gemaach fir d'Kierch. Villäicht kann en elo d'Kiechendaach flécken.

D'Dier geet op an eran kënnt de Jang voller Spawecken an enger stëbsecher Statue am Grapp. - Eng grouss Spann setzt op senger Schëller. Se erféieren all. D'Frae dinn Kreesch. Buergermeeschtech sprengt op den Dësch oder Stull. D'Rosa C. fält dem Paschtouer em den Hals. De J.W. zitt säi Revolver dee verstoppt ënnert senger Jackette war.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 10 **J.W., Hanna**

J.W.: Hands up, oder I schéissen.

Standbild: D'Buergermeeschtech steet verängscht um Dësch/Stull - D'Rosa C. klamert sech em de Paschtouer de J.W. hält seng Pistoul a Richtung Jang an de Jang streckt erfieert d'Hänn mat der Statue an d'Luucht.

Hanna: *(aus dem Off)* Wat ass dat da scho nees en Theater?

D'Hanna kënnt aus dem Off a gesäit d'Rosa C. um Paschtouer hänken.

Szeen 11 **Hanna, Jang, Paschtouer, J.W., Rosa C., Buergermeschtech**

Hanna: Awer Haer Paschtouer!

D'Rosa C. an de Paschtouer gi sech der Situatioun bewosst a loossen vun enee lass.

Rosa C.: Dat war dach just weinst der grousser Spann. *(d'Situatioun entspaant sech nees)*

Hanna: *(geet bei de Jang hält him d'Spann ewech a geheit déi zur Fëenster eraus)* Dat ass typesch fir mä Mann. Bréngt d'Ongeziefer selwer mat an d'Haus. Wéi wann e net selwer wësse géif. dass en d'Spawecken ewech maache muss. A wéi gesäit e schonn nees eraus, du Koschter. Sou kenns Du maer net an d'Haus. Di knaschteg Kleeder gi virun der Dier ausgedoe! An zwar all.

Jang: *(schléit un)* Jawohl Chef! *(schneit hir hannert dem Réck Grimassen)*

Hanna: *(zum J.W.)* An Aech soen ech et just eng Kéier. Maer brauchen **kee** neie Staubsauger an och **keng** nei Kachdëppen An en Zeitungsabonnement brauche maer och net. Wann ech eppes liese wëll, ginn ech bei den Dokter an d'Salle d'attente, do sinn d'Zeitungen gratis,

Paschtouer: Mee Hanna, den Haer kënnt aus Amerika.

J.W.: Yes, ???? Choffer, direkt aus Amerika, *(wëll et wéi di aner haertlech begréissen)* I am J.W. Shefele, nice ...

Hanna: *(ënnerbrécht sec)* Sou, sou aus Amerika! Den Haer kënnt aus Amerika. Jee wat mengt de Knätsch knaenden Hamburger Fréisser eigentlech. Dat wat maer hei am Duerf net selwer fäerdeg bréngen, dat brauch kee Schwäin. Also verkaaft äert Gelëmps wou Daer wëllt, mee net hei. Versicht et dach an der Stat, villäicht kennen déi et op de Gare gebrauchen

Buergermeeschtech: Ma Hanna, dat ass kee Reesender. Den Haer ass op Besuch. - E versicht erauszefannen wien seng Virgänger waren déi an Amerika ausgewandert sinn.

Hanna: Ausgewandert? Aus eisem schéinen Petitechapelle an Amerika? Dat musse Vollidiote gewiergt sinn. Gudd wann e fir d'lessen a Wunnen anstänneg bezilt, da kann en esou laang op Besuch bleiwen wéi e wëll.

D'Hanna geet an d'Kichen an den Handy vun der Buergermeschtech schëlt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 12 Buergermeschtech

Buergermeeschtesch: Araison, hu wéineg Zäit wat gött et? ... (*héiflech*) Oh Haer Minister ... ma natierlech hunn ech alles wéi ënner Kontroll, nee nee ech maachen dat, dat ass éischt Prioritéit ... Haer Min ... (*elo frech*) Opgeluet, jo wat bilt deen sech eigentlech an. Wann deen Cretin mengt e kéint mech fir blöd halen, da wäert dee mech nach kenne léieren, an zwar mat absoluter Prioritéit ... Ech muss fort. Äddi

D'Rosa C. interesséiert sech fir d'Statue déi de Jang matbruecht huet, hält eng Luppe aus hirer Posch an ënnersicht voller Freed.

Szeen 13 Rosa C., Jang, Paschtouer, J.W.

Jang: (*zum J.W.*) An Daer gidd maer elo direkt d'Pistoul a weist maer Aer Pabeieren, ech sinn hei zu Petitechapelle och de Bannpräiter.

J.W.: (*bewonnert*) Ah, de Bannpräiter! I weess vu mengem Urbopa, dat ass e wichtege Mann an der Stat. Sou wéi Sheriff an Amerika.

Jang: (*geéiert*) Ah, Sheriff! Dat héiert sech net schlecht un. Sheriff ... (*zevirkommend*) Behalt roueg Aer Pistoul Mr J.W.. An Amerika ass dat jo och ganz normal. Do leeft jo jiddereen wéi e Cowboy erëm (*mécht de Gang vum John Wayne no*)

J.W.: Oh thanks me Bannpräiter.

Jang: Daer dierft Sheriff zu maer soen. Wëll an der Stat hunn **ech** alles am Grëff.

Paschtouer: (*zum Publikum*) Bis op d'Fraen.

Rosa C.: (*begeeschtert*) Wat e Konschtwierk! Wat eng wahnsinneg Entdeckung. An ech hunn et entdeckt. Ech gi weltberühmt. Ech wäert Interviewen an alle Norichte musse ginn.

Paschtouer: Wat ass dann elo mat hir geschitt?

Jang: Keng Ahnung. Ech konnt d'Frae jo nach ni verstoen. -Ech mengen et mengt dee Chrom iwwert deen ech um Späicher getrollt sinn. Wat hunn ech maer do um Kapp wéi gedu.

Rosa C.: Ma, da kuckt dach. Dat ass eng Weltsensatioun. Liest dach emol wat do drop steet! (*liest lues vir*) Michelangelo.

J.W.: (*hëlt d'Statue a kuckt méi genee*) Do steet awer MichAel Angelo. (*gëtt d'Statue un de Jang weider*)

Paschtouer: Michael Angelo?" Souwäit ech weess huet emol fréier Paschtouer hei esou geheescht

Rosa C.: (*huet dat Ganzt nëmmen esou hallef matkrut*) Wat de Michelangelo war hei Paschtouer. - Dat ass verréckt. D'Geschicht muss nei geschriwwen ginn An ech hunn et entdeckt. (*wëll d'Statue nees zou sech huelen*)

Jang: Hee stopp. Ech hunn d'Statue fonnt. An de Paschtouer huet och gesot dass et de Michael war an net de Michel.

Rosa C.: Blödsinn dat loossen ech préiwen. D'Statue huelen ech elo mat.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paschtouer: D'Statue bleift hei, déi gehéiert der Kierch.

Jang: A falls se wierklech wäertvoll ass, gëtt se verkaf an da kann een den Daach vun der Kierch flecken. Dat soen **ech**. An **ech** sinn hei de Sheriff.

J.W.: (*ënnerbrécht virsiichteg*) Äh Haer Paschtouer, kann I an de Parbicher no menge Virfahre sichen?

Paschtouer: Jo gaeren J.W.. Daer dierft mäi Büro benotzen. Esou laang wéi maer d'Gemengenhaas gehéiert. D'Bicher stinn am Regal. Bis op ee Band wat verschwonnen ass.

J.W.: Wëll een Aech dann d'Gemeng ewech huelen?

Paschtouer: Jo leider, d'Buergermeeschtech wëll no de Walen e Veräinshaus doraus maachen,

Rosa C.: Mee dat wäert ech verhënnern. Heihinner kënnt e Kulturcenter. Grad elo, wou ech esou eng bedeitend Entdeckung gemaach hunn.

Jang: E Kulturcenter hei zu Petitechapelle? Wat e Quatsch. Ech brauch als Sheriff en éierbare Büro mat enger Arrestzelle.

Paschtouer: Daer gesidd Haer J.W., d'Wësch si grouss. Jiddereen wëll a mäin Gemengenhaas. Ech gesinn a Gedanken d'Leit scho mat oppenen Prabbeli an der Kierch setzen.

J.W.: Mee do gëtt et dach eng méi einfach Léisung.

Paschtouer: (*interesséiert*) An déi wier?

J.W.: Am Amerika géif elo jiddereen fir de Buergermeeschterposten kandidéieren an deen dee gewënnt géif entscheiden.

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Dat verschonnd Parbuch"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de